# Et gëtt sech gewonnert, dass d'Schoulen nees opgemaach hunn

Vum Monica Camposeo (Radio), Raphaëlle Dickes (Télé)

Den SEW kritiséiert ënnert anerem och, dass keng Loftfilter, mä just sougenannten CO2-Luuchten an de Klassesäll sollen agesat ginn.

"Et feelt nach ëmmer u Kommunikatioun an Anticipatioun", dat sot de Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft vum OGBL en Donneschdeg de Mëtten op enger Pressekonferenz. D'Vertraue vun den Enseignanten, mä och vun den Elteren, vis à vis vum Educatiounsministère wier fort.

Et géing een sech wonneren, dass d'Schoulen nees opgemaach goufen, esou d'Aschätzung vum SEW de Mëtten. Et wier wuel besser, an der Klasse Schoul ze hale wéi virum Bildschierm. Ma d'Sécherheetskonzept géing awer net iwwerzeegen. D'Enseignantë géingen sech engem héije Risk exposéiert fillen, esou de Patrick Arendt, President vum SEW: "*D'Enseignantë géingen sech dem Risiko och aussetzen. Ma dofir wéilt een awer eng méi transparent Kommunikatioun. Den Ament géing nämlech de Vertrauen an de Ministère däitlech ofhuelen."*

Den SEW kritiséiert och, dass keng Loftfilter, mee just sougenannten CO2-Ampelen an de Klassesäll sollen agesat ginn.

Esou Miessapparater weisen un, wann et Zäit ass ze lëften. Dem Patrick Arendt no, wier dat net dee richtege Wee: "*A verschiddene Schoule géingen d'Fënstere guer net oder just ganz wéineg opgoen. E Loftfilter géing dem Léierpersonal mee och de Schüler an Elteren däitlech méi Sécherheet ginn."*

Op Nofro hin huet den Educatiounsministère geäntwert, dass Loftfilter fir steril Raim, wéi en Operatiounssall, konzipéiert sinn. Eng Analyse vun der Santé hätt dat erginn, an dass esou Maschinne fir de Klassesall deemno net gëeegent sinn.

Eng weider Fuerderung vum SEW ass, dass d'Epreuven am Cycle 4 net geschriwwe ginn, esou wéi dat jo och schonn d'lescht Joer de Fall war. Dat géing och de Schüler an den Elteren den Drock ewech huelen. Dem Joëlle Damé vum SEW no ginn et nach ze vill oppe Froen: "*Den Ament wier onkloer, ob d'Schoulen net nach emol missten zoumaachen. Ausserdeem wiere bei enger ganzer Rei Schüler vill Lacunne festgestallt ginn."*

D'Konzept fir deene Schüler a Schülerinnen, déi wéinst dem Homeschooling net sou richteg nokomm sinn, ze hëllefen, hätt net gegraff. Och d'Summerschoul huet net flächendeckend gewierkt, esou d'Aschätzung vum SEW.

Och d'Kommunikatioun wier nach ëmmer ontransparent. Dat géing och fir den Ëmgang mat Remplaçante gëllen, sot d'Isabelle Bichler, zoustänneg fir d'Remplaçante beim Landesverband: *Déi Leit, déi ersetze ginn, wann Enseignantë feelen, wiere net ëmmer doriwwer informéiert, dass et an hirer Klass e positive Fall gouf. Dat wier awer problematesch, well dës Leit vu Klass zu Klass ginn."* Isabelle Bichler vum Landesverband

An der Flicht fir d'Remplaçanten z'informéiere wieren den Educatiounsministère an d'Schouldirektiounen, esou d'Isabelle Bichler weider. Aus dem zoustännege Ministère heescht et awer, dass net bekannt wier, dass Remplaçanten anescht géingen traitéiert gi wéi de Rescht vum Léierpersonal. De Lex Folscheid, Premier Conseiller vum Educatiounsministère dozou: "*Wann eng Klass wéinst engem eenzele positive Fall isoléiert gouf, da misst de Remplaçant, wéi d'Schüler, och eng Mask undoen. Wann d'Klass a Quarantän ass, da gëtt och kee Remplaçant gebraucht, well d'Kanner jo doheem sinn."* De Lex Folscheid aus dem Educatiounsministère

Den SEW huet donieft nach e Krisendësch proposéiert, fir dass all d'Acteure mol zesumme kënnen diskutéieren. Dem Lex Folscheid no géingen déi ënnerschiddlech Acteuren den Ament scho consultéiert ginn. Et wier een awer oppen ze héieren, wat den SEW ënnert esou engem Krisendësch versteet an et wier een der Iddi géintiwwer och net verschloss.